PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/11/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Energie weiderzeleeden.**

Mam Gesetz vum 9te September 2021 relative au réaménagement de l'échangeur de Pontpierre situé sur l'autoroute A4 gouf d'Regierung ermächtegt, fir den Autobunnsknuet zu Steebrécken fir 71 Milliounen Euro nei maachen ze loossen. Een Deel vun dësen Aarbechte betrëfft d'Plënnere vun enger Tankstell, déi am neie Projet e puer honnert Meter uewerhalb vum ale Site soll gebaut ginn. An hirer Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°1303 haten d'Ministeren annoncéiert, dass de Konzessionär vun der aler Tankstell gewiesselt huet an dass den neie Konzessionär vun der neier Tankstell an enger ëffentlecher Ausschreiwung vun August 2018 ausgewielt gi wier.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Entreprisen hate bei der ëffentlecher Ausschreiwung vum August 2018 matgemaach?
2. Gouf d'Ausschreiwung iwwert de Portail des marchés publics gemaach? Falls jo, ënnert wéi enger Referenz ass d'Ausschreiwung ze fannen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député